

**Münsbach** D'Jonge vu Gorodok waren den 30. Juni 1988 zu Mënsbech (Münsbach) beieneen. Un déi gefaalen, vermëssten a scho verstuerwe Komeroden as an enger Mass, déi vum Här Paschtouer Delhalt gehale gin as, geduecht gin; Eng Gerbe as beim Monument deposéiert gin, de Komerod Jim Fritsch huet dobei d'Sonnerie aux Morts geblosen. Duerno war eng Receptioun op der Gemeng, wou den Här Buergermeeschter léiw Wierder un d'Jongen an un hir Frae geriicht huet. De Komerod Jempi Wolff, dee schon 21 Gorodoker Journéen organiséiert huet, sot dem Här Buergermeeschter an de Mêmbere vum Gemengerot en häerzleche Merci fir déi schéi Wierder an de gudde Pättchen. E Mëttegiesse war am Café Bock zu Mënsbech. Am Nomëtteg war eng Visite vun der Marbrerie Bertrand an owes as sech zu Senningen am Café Winandy au revoir gesot gi bis 1989.

(Photo: Teddy Jaans)

D'Jonge vu Gorodok  Letzeburg den 30.5.1988

21. = 88  187

Le'we Komerod,

du Bass herzlechst invite'ert un onser 21-ter Journée délzehueler de' det Joer zu Münsbech/Schoetter stattfend, en Donneschdeg, den 30. Juni 1988.

**Programm:**

10.15 Auer: Rendez-vous bei der Kirch zu Schoetter (Schuttrange)

10.3o Auer: Mass fir ons gefalen, vermessten an verstuerwe Komeroden.

11.15 Auer: Réceptio'n op der Gemeng vu Schoetter

13.00 Auer: Mettegiessen am Café Bock zu Schoetter

**Menu**

Riesling-Paschte'tchen mat Crudite'ten

Kallefsbrot mat 3erlei Geme's an Croquetten

Tart an Café

Preis: Fr 650,-

Duerno: de' eng spille Kélen, de' aner spille Kart, de' aner gin spaze'eren, de' aner machen eng Visite an der Marbrerie Bertrand

Den Ofschloss ass zu Senningen am Café Winandy, ge'nt 19.oo Auer, mat Ham, Fritten an Zalot.  Preis: Fr 350,-


We' emmer sin ons Fraen mat invite'ert.

All de' Komeroden de' net wöllen oder net können un der Journée délhuelen, ower Gorodoker bleiwe wëllen, können op mei Postscheckkonto 61500-02 e klengen Don machen.

Ar Antwert erwarden ech bis den 24.6.1988

1323 Lux
34, r. Champs
Tel 48 16 66

1988



**Münsbach** D'Jonge vu Gorodok waren den 30. Juni 1988 zu Mënsbech (Münsbach) beieneen. Un déi gefaalen, vermëssten a scho verstuerwe Komeroden as an enger Mass, déi vum Här Paschtouer Delhalt gehale gin as, geduecht gin; Eng Gerbe as beim Monument deposéiert gin, de Komerod Jim Fritsch huet dobei d'Sonnerie aux Morts geblosen. Duerno war eng Receptioun op der Gemeng, wou den Här Buergermeeschter léiw Wierder un d'Jongen an un hir Frae geriicht huet. De Komerod Jempi Wolff, dee schon 21 Gorodoker Journéen organiséiert huet, sot dem Här Buergermeeschter an de Mêmbere vum Gemengerot en häerzleche Merci fir déi schéi Wierder an de gudde Pättchen. E Mëttegiesse war am Café Bock zu Mënsbech. Am Nomëtteg war eng Visite vun der Marbrerie Bertrand an owes as sech zu Senningen am Café Winandy au revoir gesot gi bis 1989.

(Photo: Teddy Jaans)